N°7087
Entrée le 27.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Oktober 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Et ass gewosst, datt Lëtzebuerg eng Penurie beim Gesondheetspersonal huet. Dobäi sinn aktuell schonn zwee Drëttel vun eisem Fleegepersonal aus dem Ausland rekrutéiert. Bis 2034 sollen dann 42 Prozent vum Fleegepersonal an d'Pensioun goen. Dozou kënnt, datt ëmmer méi Leit de Beruff verloossen a mir bilde selwer och nëmme wéineg Krankefleeger am Land aus.

D'Weltgesondheetsorganisatioun huet all Land geroden, bis 2030 zwee Drëttel vu senger Ofhängegkeet vun Nopeschlänner erofzeschrauwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Opgeschlësselt no Frontalieren an Awunner vu Lëtzebuerg: Wéi vill Aide-soignanten a wéi vill Infirmieren hunn zu Lëtzebuerg hire Beruff zënter 2010 pro Joer verlooss,
   - fir de Beruff ze wiesselen?
   - fir an d'Pensioun ze goen?
2. Opgeschlësselt no Frontalieren an Awunner vu Lëtzebuerg: Wéi vill Aide-soignanten a wéi vill Infirmiere sinn zënter 2010 pro Joer
   - nei am Beruff bäikomm?
   - ze wéineg am Sektor gewiescht?
3. Kann d'Regierung soen, wéi vill Persounen d'Joer zënter 2010 e Léiergang als Infirmier an als Aide-soignant hei am Land
   - ugefaang hunn?
   - ofgeschloss hunn?
   - ofgebrach hunn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten